

fir de Statec, fir also ze gesinn, wéi vill Reesender et sinn, wéi vill Iwwernuechtungen et hei zu Lëtzebuerg gëtt, wou déi gemaach ginn, vu weem déi gemaach ginn. Zweetens, fir dass d'Police an den SRE och kënnen e Suivi maachen, wa Problemer géife bestoen. Dofir och, esou wéi d'Rapportrice et ganz genee erkläert huet, wéi laang déi solle kënnen gespäichert ginn, wat duerno domat geschitt a wéi se dann automatesch och kënnen geläscht ginn.

Et ass also e Projet, deen op ganz villen Niveaue wichteg ass. D'Fro vun der Hëllefstellung ass awer ganz kuerz ugeschwat ginn: Jo, et ass eng Demarche, déi scho fäerdeg besteet um Guichet, déi mer also ganz ausgeschafft hunn.

Op där anerer Säit hu mer zu de Schnëttstellen, déi den Hebergeur gratis zur Verfügung gestallt kritt, awer och nach, esou wéi mer eis och an der Chamberskommission engagéiert hunn, eng Aide en place gesat. Eng Aide, déi iwwert den De-minimis ausbezuelt gëtt, souwuel fir d'Betriber wéi fir d'ASBLen an awer och d'Gemengen, déi alleguerten d'Méiglechkeet hunn, iwwer e Voucher-System – esou e Fit 4 Digital-System am Fong – kënnen eng Aide vun 2.000 Euro ausbezuelt kréien, wa se sech wëlle konform setzen, dat heescht en iPad, e Laptop, wat och ëmmer kafen, et installéieren an dann och esou kënnen e Lecteur liesen an et esou kënnen en place setzen, soudass ee gesäit, dass déi Aide mat der Publikatioun vum Gesetz – dat wäert esou ëm den 3. März sinn – dann och um Guichet.lu ze fanne wäert sinn. Also ab dem 3. März. Si wäert net haut de Mëtten drop sinn, well d'Gesetz jo érischt en vigueur ass, wann et publizéiert ass, déi verschidden Demarchen huet. Dofir wäert et den 3. März dann en place sinn. Déi Aide wäert bis den 1. Oktober en place sinn, wou da jiddwereen d'Méiglechkeet huet, sech do konform ze setzen, fir dann déi Donnéeën esou ze kréien.

Wéi gesot, fir d'Betriber gëtt iwwert den De-minimis bei de Classes moyennes ausbezuelt. Op där anerer Säit kréien d'ASBLen, d'Gemengen iwwert den Tourismusministère, iwwert Subsidien déi Ausbezelung gemaach. Mee et ass ee Formulaire, soudass et do, wéi an allen Aiden, déi mer am Tourismusberäich hunn an an de Classes moyennes, eenheetlech, fir jiddwereen d'nämmlech ass.

Ech soen en tout cas e grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung hei.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler, Président |** Merci, Här Minister. An domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8253. Den Text steet am Document parlementaire 8253<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8253 et dispense du second vote constitutionnel**

An ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, infolgedessen keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

**Ont voté oui :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Ricardo Marques), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc

Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Foyot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. 8376 – Projet de loi portant : 1<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS ; 2<sup>o</sup> abrogation de la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits, en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2023/988 du Parlement européen et du Conseil du 10 mai 2023 relatif à la sécurité générale des produits, modifiant le règlement (UE) n° 1025/2012 du Parlement européen et du Conseil et la directive (UE) 2020/1828 du Parlement européen et du Conseil, et abrogeant la directive 2001/95/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 87/357/CEE du Conseil

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8376, d'Ëmsetze vum EU-Reglement iwwer Produktsécherheet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, also dee selwechte Modell wéi vir-drin. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Claude Haagen, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**M. Guy Arendt (DP), rapporteur |** Merci, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet 8376 soll dat europäesch Reglement 2023/988 iwwert d'Sécherheet vun de Produiten an eist nationaalt Recht transposéieren. An dësem Reglement geet et dorëms, déi generell Sécherheet vu Konsumgiddern ze garantéieren. Dëst gëllt fir all d'Artikelen, ob se elo online oder an de Geschäfter verkaaft ginn. D'Zil heivun ass hauptsächlech, de Konsumenteschutz ze stäerken a gerecht Konkurrenzbedingunge fir d'Entreprises innerhalb vun der Europäescher Unioun ze schafen, fir den europäesche Bannemaart ze stäerken.

Dëst Reglement definéiert nei, kloer a prezis Kriterien fir d'Evaluatioun vun der Sécherheet vun de Produiten. Dëst betrëfft technesch Spezifikatiounen, d'Verpackung wéi och verschidden Charakteristiken, wann et ëm d'Cybersécherheet geet. D'Produzenten, d'Importateuren, d'Distributeuren an

d'Online-Verkaufsplattformen müssen dëse Flichten no-komme fir ze garantéieren, dass nëmme sécher Produiten de Wee op de Maart fannen.

D'Transpositioun vun dësem EU-Reglement an dat nationaalt Gesetz soll och d'ILNAS, also d'Lëtzebuerger Institut fir Normalisatioun, Accreditatioun, Sécherheet a Qualitéit vu Produiten a Services, zum nationale Kontaktpunkt fir den europäesche System „Safety Gate“ designéieren, fréier och nach RAPEX genannt. Dëse Schnellwarnsystem gëtt dozou genotzt, Notifikatiounen iwwer geféierlech Produiten, déi keng Liewensmëttel sinn, ze maachen an ze anoncéieren, wat fir eng Mesüeren an deem Fall geholl ginn. Déi spezifesch Pouvoiren an Aufgaben, déi an dësem Reglement wéi och am EU-Reglement iwwert d'Maartiwwerwaachung an d'Konformitéit vun de Produiten definéiert sinn, kritt d'ILNAS duerch dës Transpositioun zougeschriwwen.

Och gesäit dëst Reglement vir, dass all Memberstaat déi néideg proportional an ofschreckend Sanktiounen fir déi verschidde wirtschaftlech Acteuren en place setzt, falls se dës nei Obligatiounen net sollte respektéieren. Duerch dës Kontroll- a Sanktiounspouvoiren ass d'ILNAS an der Lag, Amendé vum zum Beispill 250 bis 15.000 Euro géint d'Fournisseuren vun Online-Handelsplattformen – „places de marché en ligne“, wéi et heescht – ze verhängen, déi sech net un déi definéiert Obligatiounen halen.

Schlussendlech ginn och nach verschidden terminologesch Upassungen am Gesetz vum 4. Juli 2014 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS gemaach, fir d'Kohärenz mat den neien Dispositiounen ze garantéieren.

Här President, léif alleguer, d'Wirtschaftskommission krut zu dësem Gesetzesprojet dräi Avisen eran. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 12. Juli 2024 keng Opposition formelle ausgeschwat, mee just verschidde Präzisatiounen oder Reformulatiounen virgeschloen. Déi héich Kierperschaft huet an hirem Avis complémentaire vum 10. Dezember 2024 déi parlamentaresch Amendementer analyséiert, déi d'Kommission als Äntwert op den éischten Avis formuléiert huet an dës begréisst.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 30. August 2024 eragereecht a konnt dëse Gesetzestext approvéeieren ouni weider Remarken zum Inhalt.

Fir weider Detailer zum Fong an och den Avisen verweisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler, Président |** Villmools merci, Här Arendt, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndlechen Rapport.

An d'Wuert geet elo un déi éischt ageschriwwen Riednerin, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

**Discussion générale**

**Mme Diane Adehm (CSV) |** Jo, merci, Här President. Dank dem ganz detaillierte schrëftlechen a mëndlechen Rapport vum Här Arendt kann ech da ganz kuerz sinn.

Fir eis als CSV ass et wichteg, dass d'Sécherheet vun de Produite garantéiert ass. An et ass och nach vill méi wichteg fir eis, doduerch, dass mer en Deel vum europäesche Bannemaart sinn a mir quasi alles importéieren, dass déi Reegelen, fir d'Sécherheet ze garantéieren, och an der EU iwwerall déi selwecht sinn. Mir begrëssen, dass mat dësem Gesetzesprojet den ILNAS déi selwecht Pouvoir kritt, déi e brauch, fir dat heiten ze kontrolléieren, an dass en och

d'Méigleckeete kritt, fir ze sanktionéieren. An ech gi selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Adehm. Här Claude Haagen, et ass un Tech.

**M. Claude Haagen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. D'LSAP-Fraktioun gëtt den Accord zu dësem Projet de loi. Mir begreifen och, opgrond vum Brëif vum Konsumentenschutz, datt d'Reglement iwwert d'Recoursen och um Site vum ILNAS publizéiert gëtt. An ech wollt de Minister awer nach froen, ob e schonn Nouvelles, Präzisiounen iwwert d'Mise en oeuvre vum Artikel 33 (4) huet.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Haagen. Här Tom Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Mäi Mikro geet net méi haart. A dach, elo. Sou, mir stëmmen mat.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Madamm Joëlle Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Ech stëmmen och mat. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Welfring. Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Deem Rapport ass näischt derbäizefügen, dofir: Mir stëmmen dat mat.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement. Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Dat gesi mir geneesou. (Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat freet mech. Ech soen Tech villmools Merci. Domat ass d'Lëscht vun der Riedner ofgeschloss.

D'Regierung wëll d'Wuert huelen. Här Minister.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Lex Delles**, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Jo, et geet hei dorën, eebe grad déi wichteg Contrôl vum dem Online och kennen ze maachen. Et ass eng Direktiv, wou mer scho liicht en retard sinn, fir se ëmzesetzen, dofir wëll ech och hei nach eng Kéier e grouse Merci soen, dass mer an der Kommissioun konnten esou gutt weiderkommen.

Et ass natierlech en direkte Lien tëschent dëser Transposition wéi och op där anerer Säit d'Fro vum Digital Services Act, dee mer jo och amgaange sinn, an der Kommissioun ze traitéieren. Ech mengen, dass mer grad mat där gudder Zesummenaarbecht, déi mer an der EU hunn, et och fäerdegbréngen, op där enger Säit déi RAPEX-Lëschten, déi si grad ugeschwat gi sinn, an deen EU Safety Gate kënne mat eranzehuelen, fir dass mer och do an der ganzer EU zur nämmelechter Zäit d'Informatiounen direkt kënne matenee vergläichen, wat den Onlinehandel ugeet. Dat zesummen eeben elo mat der Protection des consommateurs ze kucken, fir och déi Informatiounen eriwuerzebréngen. Ech mengen, den Här Haagen ass kuerz dorop agaan. Mir kruten nach en dernière minute, wéi de Reporter och gesot huet, an zwar de 24. Dezember nach en Avis ënnert de Chrëschtbeemche geluecht vun der ULC, déi nach eng Kéier eng Rëtsch vu Froen opgeworf huet. Mir hunn och an der Chamberskommissioun doriwuer geschwat.

Eis Positioun ass ganz kloer: Mir sinn am Echange mat der ULC. Mir deelen déi Appreciatioun, dass mer müssen esou breet wéi méiglech och déi verschidden Informatiounen weiderginn. Dofir hu mer och en

Accord, dass mer et wäerten um Internet nach eng Kéier méi breet weisen. Parallell dozou schaffe mer mat der Kommissioun zesummen, wou mer nach eng Kéier froen, ob mer wierklech dee Passage do nach musse präziséieren am Text.

Wann dat esou ass, da wäerte mer dat och maachen. Mir mengen, dass dat net muss gemaach ginn. Mir froen awer nach eng Kéier no. Mee fir déi Transposition hei net a Gefor ze setzen, si mer frou, dass den Text esou ka gestëmmt ginn, mee et gëtt d'Versprache vun der Regierung, dass mer nach eng Kéier zrëckkommen, wann et muss gemaach ginn. Et ass am Interêt vum Text.

Merci villmools.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Minister.

Domat wär dann dës Diskussioun ofgeschloss a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8376 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8376<sup>5</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8376 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp (par M. Maurice Bauer), MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Ricardo Marques), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par Mme Alexandra Schoos), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

### **9. Question élargie n° 32 de M. Laurent Mosar au sujet du secteur de la sidérurgie**

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass déi erwidert Fro Nummer 32 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Stolindustrie. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit fir seng Haaptfro a seng Zousazfro, an d'Regierung huet 10 Minutten Zäit fir ze äntweren. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, wäert et an Zukunft nach e Stolzwerk an Europa ginn? Dës Fro huet viru Kuerzem den Här Alain Le Grix de la Salle, senges Zeechens Chef vun ArcelorMittal a Frankräich, virun der Wirtschaftskommissioun vum franséische Parlament opgeworf. An den Här Le Grix de la Salle huet nach eppes gesot, wat ech Iech hei wëll zitieren, well et mech awer trotzdeem relativ staark beréiert huet.

E seet nämlech am Kontext vun der Stolproduktioun – ech zitieren –: „Si l'Europe ne décide pas de protéger son marché de la concurrence déloyale, alors ce sont des pans entiers de notre industrie qui vont disparaître à brève échéance. Ce n'est pas du catastrophisme, c'est malheureusement la réalité pure et simple.“ Fir all déi Kollegen, déi vläicht och gëschter dem Chef vun der lëtzebuergescher ArcelorMittal, dem Här Reding, um 92,5 konnten nolauschten: Den Här Reding huet eng änlech Analys vun der Situatioun vun der Stolindustrie an Europa gemaach.

Ëm wat geet et hei virun allem?

Natierlech an éischter Linn elo mol ëm déi ugedroten Importtaxen, nottamment op Aluminium, vun der Administratioun Trump. Do gëtt vu 25 % geschwat, wat natierlech katastrophal wier fir all d'europäesch Stolproduzenten. Dat ass awer nëmmen een Element.

Doniewent spillen nach ëmmer déi ganz héich Energiepräisser, ganz besonnesch natierlech de Präis vun der Elektrizitéit, mat, datt all d'Stolproduzenten an enger ganz schwiereger konkurrenzeller Situatioun sinn.

Deen drëtste Fait: 2026 – wat net méi ganz laang ass, nämlech d'nächst Joer – wäert och déi nei CO<sub>2</sub>-Steier fir d'Entreprise voll spillen, wat och nach eng Kéier déi selwecht Entrepreneuren awer ganz staark wäert afektieren. Dat sinn also alles Elementer, déi et am Moment net einfach maachen, iwwerhaupt weider kënne Stol an Europa ze produzieren.

Dir hutt och matkritt, datt am Moment allméiglech Rumeure lafen – ech soen, et sinn emol Rumeuren – vun Delokalisatiounen vu Stolproduzenten, nottamment och ArcelorMittal, wou spekuléiert gëtt, déi kéinten an Zukunft eng grouss Entitéit an den USA opmaachen. Se kéinten eventuell och en Deel vun hiren Aktivitéiten an Indien delokalisieren. Dat selwecht ass och de Fall fir aner Stolproduzenten innerhalb vun der Europäescher Unioun. Dës ass also sécherlech eng Situatioun, déi ganz bedenklech ass, déi par ailleurs och net nëmme wäert d'Stolindustrie beréieren, mee, wéi den Här Le Grix de la Salle richtegerweis gesot huet, iwwerhaupt grouss Deeler vun der europäescher Energie.

Dowéinst wollt ech dem Här Wirtschaftsminister de Mëtte verschidde Froen stellen.

Fir d'alleréischt natierlech, wéi d'lëtzebuergesch Regierung zu där relativ schwiereger Situatioun vun der europäescher an och der lëtzebuergescher Stolindustrie steet.

Zweetens: Wat ass ugeduecht vu Reaktiounen par rapport zu deenen ugedroten Importtaxen vum Här Trump? Gëtt et eventuell do schonn Iddien, wéi een do kéint reagéieren?

Drëttens: déi héich Energiepräisser, déi am Moment och déi ganz Produzente staark beréieren. Wat ass do virgesinn?

Viert Fro: Wéi geet et viru mat der CO<sub>2</sub>-Tax fir industriell Betriber, déi d'nächst Joer, wéi gesot, soll a Kraaft trieden?

Fënneftens: En anere Punkt, deen och nach ëmmer e Problem duerstellt, dat ass d'Konkurrenzrecht an der Europäescher Unioun. Wat ass do virgesinn?